Betrëfft Aktioun „Secher Uwänner“

Mir hate proposéiert, fir eng Aktioun „Secher Uwänner“ ze starten an zwar den 8. Abrëll, als sënnvollen Ersatz fir déi alljährlech Botzaktioun, an där mir den Dreck vun aneren ewechgeraumt hun, a fir d’Propretéit gesuergt hun.

Mir hu vum neien Ëmweltministère bis haut keng Unerkennung dofir kritt.

Een eenzege Verein huet sech elo bereet erklärt, fir derbei ze hëllefen, d’Ufer vun der Musel méi secher ze maachen.

Dofir muss eis Aktioun leider ausfalen. Schued!

Mir bieden eis Vereiner, un de Botzaktiounen an hieren Uertschaften deelzehuelen respektiv si selwer ze organiséieren. Deelt eis d’Zuel vun de Participanten w.e.g. matt.

Mat sportleche Gréiss

Jos Scheuer an Dan Schleich